

Discours lors de l'ouverture de la Foire de printemps

Luxexpo, 14 mai 2011

Par M. Michel WURTH

Altesses Royales, Excellences, Mesdames, Messieurs,

Den 29. Abrëll huet ons Regierung di grouss Orientatiounen vum Nationalen Reformprogramm, dem sougenannten « Programme national de réformes – Lëtzebuerg 2020 » virgestallt. E nationalen Reformprogramm – een Thema, wat méi relevant an aktuell net kéint sinn :

- Wéi gesäit Lëtzebuerg am Joer 2020 aus?
- Wéi eng Zukunft wëlle mir fir onst Land an ons Awunner?
- Wéi eng Zieler setze mir ons a musse mir erreechen?
- Wéi eng Strategien brauche mir a wéi kenne mir se finanzéieren?

Dëst sinn fundamental Froen.

Mee dat sinn och d'Froen, déi mir zu Bréissel gestallt kréien. Offiziell ass den nationalen Reformprogramm fir di europäesch Institutiounen opgestallt ginn. Ower d'Meilesteng, déi musse gesat ginn an de Beräicher Aarbecht, Ëmwelt, Fuerschung an Entwécklung, Erzéiung an der sozialer Inclusioun betreffen ons all. Mir mussen ons dësen Reformen vollstänneg unhuelen, wa mir onsen Liewensstandard vun haut wëllen halen. Et geet also hei dorëms, d'Grondausriichtung fir d'Zukunft vun onser Gesellschaft nohalteg ze gestalten.

Mä éierlech, wie kennt da schonn den Inhalt vun dësem Reformprogramm? Wien kann haut behaupten, dass et eng kloer Visioun vum lëtzebuerger Land am Joer 2020 gëtt, déi och vun der Allgemengheet gedroe gëtt?

Den Reformprogramm "Lëtzebuerg 2020" ass zwar kuerz an der "nees operstanener" Tripartite undiskutéiert ginn. Mir hunn och an den

Patronatsorganisatiounen driwwer nogeduecht, an dunn mat der Regierung an de Gewerkschaften diskutéiert. Abee, net eng Kéier ass d'Zukunft vum lëtzebuenger Land ëffentlech debattéiert ginn. Et kann een och net behaupten, dass d'Politik sech aktiv a behäerzt fir déi fundamental Ausriichtung an déi absolut Pertinenz an Noutwennegkeet vun dese Reformen ausgeschwat hätt. Reformproposen, wann et der goufen, zeechen sech gemengerhand doduercher aus, dass se ze schwaach a punktuell woren. Et gëtt kaum eng kohärent an nohalteg Zukunftsvisioun. Mee wien denkt dann och laangfristeg wann ee wahrscheinlech nach e puer Joeren no dem heitegen Schema bastele kann?

Altesses Royales, Dir Dammen an dir Hären,

Erlaabt mir bei deem Punkt stoen ze bleiwen an esou eng ëffentlech Debatt an de Raum ze stellen.

Eng Debatt iwwert d'Zukunft vum lëtzebuenger Land setzt natierlech d'Fro vum Liewensstandard viraus : Lëtzebuerg muss am Joer 2020 ee Land sinn, an deem d'Liewensqualität op d'mannst genee esou gutt ass wéi haut, a wou d'Sozialcohesioun eng eischt Prioritéit ass.

D'Erhalen vun der Liewensqualität vun de Lëtzebuenger, onsen auslänneschen Matbierger an doriwwer eraus all deenen, déi zum Wuelstand vun onsem Land bäidroen, setzt grondsätzlech viraus, dass ons muer e puer fundamental Equiliberen erhale bleiwen :

- D'Gläichgewicht tëschent de Generatiounen muss garantéiert sinn andeems een d'Ressourcen vun haut net verschwennt, sech fir d'Zukunft genuch finanzielle Spillraum gëtt, an andeems een onse Kanner keng erdréckend Schold, sief se explizit oder verstoppt, verierft;
- D'Gläichgewicht mat der Natur muss erhale bleiwen andeems mir zum Beispill d'Energieeffizienz verbessern, a méi eng kohärent Landesplanung bedreiwen;

- Mä och dat politescht Gläichgewiicht ass wichteg. Mir müssen den politesche Stëllstand an den Reformimmobilismus brieche an déi längst iwweefälleg strukturell Reformen an d'Weeër leeden. Dëst am Dialog mat all deenen, Lëtzebuerger an Ausländer, déi an onsem Land wunnen an u sengem Wuelstand bäidroen duerch hir Aarbecht, hiren Entrepreneursgeescht an hirem Kapital. Et ass ganz einfach : de Reformstau kënne mer opléisen duerch couragéiert politesch Decisiounen.

- Last but not least, brauche mer ee permanent Gläichgewiicht vun den öffentleche Finanzen, beim Zentralstaat, den Gemengen an den Sozialversecherungen, mat kloeren Prioritéiten an enger Budgetdisziplin, déi strukturell Defiziter ënnerbënnt.

Dës Objektiv sinn net einfach ze erfëllen; dësen Parcours stécht voller Schwieeregkeeten. D'Kris, duerch déi mir gaange sinn, ass nëmmen ee Beispill an dësem Kontext. Kee konnt sech virstellen, dass eng Immobilienkris a Kalifornien eng weltwäit Finanz- a Wirtschaftskris géif ausléisen, mat als Konsequenz enger gëlleger Sozialkris a schlussendlech enger europäescher Scholdekrise, déi schonn di gemeinsam Währung zolidt ënner Drock gesat huet. An der schlémmster Wirtschaftskris säit 1929 hat Lëtzebuerg nach vill Chance. D'Land huet sécherlech gelidden, Aarbechtsplazen si verluer gaangen, d'Kompetitivitéit huet sech weider verschlechtert an di öffentlech Finanzen sinn méi déif an déi rout Zuelen geschliddert. Haut erkrabbelt sech d'Wirtschaft an deene meeschten Sekteren. Mä an ville Sekteren soen d'Patronen mir : "Ech géif jo gären Leit astellen. Ech géif jo gären investéieren. Ech géif mäi Betrib jo gären ausbauen. Mä d'Käschten explodéieren an di administrativ an aarbechtsrechtlech Hürden a Rigiditéiten sinn esou grouss, dass dëst mir quasi onméiglech ass."

Deen Immobilissem ass fatal, well ganz Sekteren vun eiser Wirtschaft schaffe praktesch exklusiv mam a fir d'Ausland a sinn domat komplett der globaler oder regionaler Konkurrenz ausgesat.

D'Wuelstandsjoeren vu virun der Kris woren Joeren vun villen Exzesser. Ee Beispill dovunner ass, datt et fir déi Jonk ëmmer méi schwéier gëtt am Liewen duerchzestarten, sech efficace um Aarbechtsmaart ze integréieren a sech eng Wunneng unzeschaffen, ganz einfach well se net gutt genuch drop virbereet gi sinn. Haut kréien se och nach gesot, hir Pensioun wier a Gefor wann di néideg Upassungen net ganz séier an d'Weeër geleet ginn.

Erlaabt mir nach een anert Beispill : an deenen leschten 20 Joeren huet sech den Undeel vun Ausländer hei am Land verduebelt. A verschidden Aktivitéitssektoren si praktesch nëmme nach net-Lëtzebuerger beschäftegt. Am krasse Géigesaz dozou gëtt et awer ee Sekter hei am Land, dee praktesch nëmme Lëtzebuerger beschäftegt. De Gruel tëscht de verschiddenen Schichten vun der Bevëlkerung gëtt ëmmer méi grouss. De sozialen Zesammenhalt an dat géigesäiteg Versteestemech sinn am gaangen iwwerholl ze ginn vu géigesäitegem Naid, Jalousien, ideologeschen Ausernanerungen a beharren op sougenannten sozialen Acquisen. Esou eng Situatioun gëtt villäicht vun muncherengem gedult, mä och dat geet nëmme esou laang, wéi di wirtschaftlech Lag gutt ass. D'Kris huet allerdéngs gewisen datt, wann d'Konjunktur sech verschlechtert, dës Gruel ee Nährbuedem fir geféierlech Tendenzen ka ginn. Wéi kenne mir ons all dësen Erausforderungen unhuelen?

D'UEL, d'Patronatschamberen an di representativ Organisatiounen vun den Entrepreneuren si prett fir di lëtzebuerger Gesellschaft mat ze reforméieren an ze gestalten. Dat ass de Kär vun onser Mataarbecht um nationalen Sozialdialog.

Mir si prett, fir dozou bäizedroen, dass d'Gläichgewicht tëscht de Generatiounen erëm hiergestallt gëtt. Ennert dësem Zeechen steet ons Contributioun am Kader vun der Debatt zur Pensiounsreform. Wa bei de Pensiounen alles beim alen bleift, wéi verschidde Leit dat wëllen, dann mutéiert eise Pensiounsregime zu enger gëlleger Ponzi-Pyramid mat Schnéiballeffekt : ee Geschäftsmodell dat zur Faillite féiere géif. Loosse mir ons keng Illusiounen maachen : et gëtt keng Reform fir näischt. D'Fro déi sech stellt ass, ob mir et fäerdeg bréngen den kuerzfristegen Egoismus auszeblenden fir eng laangfristeg, verantwortlech a wirtschaftlech tragbar Reform unzegoen.

D'Patronatschamberen an di representativ Organisatiounen vun den Entreprises paken och gär eng Hand vun, fir ons ecologesch Erausforderungen unzegoen. Dat ass de Sënn vun onsem Matwierken am Partenariat fir Ëmwelt a Klima. Doriwwer eraus liewen ëmmer méi Entreprises an hirem Alldag déi sougenannten "Responsabilité sociale des entreprises". An der nohalteger Entwécklung huet d'Energieeffizienz eng besonnesch Bedeitung. Mir si fir d'Entwécklung vun engem resolut export-orientéierten Sektor vu lëtzebuergeschen Ecotechnologien. Dëst ass awer nëmme méiglech, wann d'Potential vun den erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg net vun Ufank un duerch komplizéiert a laangwiereg Prozeduren opgehale gëtt oder duerch den ur-lëtzebuergeschen « NIMBY » Syndrom - wat esou vill heescht wéi « not in my backyard », also "nëmme net bei mir" - torpedéiert gëtt. D'Windmillen verschampelieren d'Landschaft, Biogaszentralen maachen Kaméidi, d'Waasserkraaftanlagen sinn eng Gefor fir eis Fësch an d'Nuklearenergie well kee méi no der Katastroph vu Fukushima. Esou komme mir net virun.

Mir sinn och prett fir ze hëllefen, datt dat politescht Gläichgewicht erëm hiergestallt gëtt. Et ass an dësem Sënn wou mir d'Stëmm vun allen Entrepreneuren, egal vu wou se kommen, verrieden.

Mir engagéieren ons fir Verbesserungen a si bereet, fir um sozialpoliteschen Debat matzewierken an deelzehuelen.

Säit dem Ufank vun der Kris hu mir ons op all dësen Terrainen staark engagéiert. Mir hu versicht, den Debat ze versachlechen a mir hunn alles drugesat, fir ons Ideeën onse Memberen an dem Public dobaussen méi efficace ze vermëttelen. Mir setzen ons all Dag besonnesch fir déi kleng an och déi ganz kleng Entreprises an. Si sinn et, déi di meeschten nei Aarbechtsplazen schafen. An si sinn et och, déi den Unternehmergeesch, den "esprit d'entreprise", droen a verkierperen. Si müssen also besonnesch ënnerstëtzt an encouragéiert ginn.

Altesses Royales, Excellences, Mesdames et Messieurs,

Vu le rôle primordial des PME dans notre tissu socio-économique, la Chambre de Commerce a placé son programme de travail 2011 sous le sigle de ces entreprises.

Je me réjouis tout particulièrement des avancées concrètes que nous avons pu obtenir en matière de simplification administrative pour ces entreprises lors des dernières discussions bipartites de décembre 2010. Il en est de même du soutien aux efforts de formation continue, à travers le relèvement à 25% de la participation étatique aux formations promues par les entreprises en faveur de leurs salariés. Les efforts en matière de formation continue, mais également en matière de formation initiale et d'enseignement supérieur, sont cruciaux pour garantir la compétitivité de notre main-d'œuvre et c'est la raison pour laquelle la Luxembourg School for Commerce (LSC) s'y emploie avec un dynamisme renforcé. Les PME luxembourgeoises développent des produits et services à fort contenu technologique et ont des besoins en main-d'œuvre hautement spécialisée, souvent non disponible dans nos régions. Il faut ainsi se féliciter de la circulaire du 31 décembre 2010 ayant pour objet « l'encadrement fiscal des dépenses et charges en relation avec l'embauchage sur le marché international des salariés hautement qualifiés et spécialisés » et qui pose un cadre plus favorable pour le recrutement desdits salariés.

Il faut également se féliciter de la mise en vigueur, en plein milieu de la crise, de la loi du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation.

Est-ce que pour autant le Luxembourg est un pays qui encourage les PME et les TPE? La réponse est : pas suffisamment. De nombreuses mesures doivent être réalisées ou améliorées. J'aimerais en illustrer six qui ne concernent pas directement la compétitivité-coût :

1. Simplifier de manière drastique la création et la transmission d'entreprise

Pourquoi est-il si difficile de se lancer comme entrepreneur? Dans certains pays on peut créer une entreprise en 24 heures. Pourquoi pas ici? La Chambre de Commerce a publié récemment ses idées relatives à une société à responsabilité limitée simplifiée, et s'est référée à de nombreux exemples de succès à l'étranger. Si nous n'avons pas encore pu

convaincre le Gouvernement d'abolir le système des autorisations préalables à la création d'entreprise, il faudrait maintenant au moins donner un cadre sociétaire simple et uniforme à tous ceux qui souhaitent se lancer en indépendance, avant tout les prestataires à caractère intellectuel dans le contexte des services à l'attention des entreprises. Ce sont ces derniers qui forment pratiquement la moitié de tous ceux qui se lancent en indépendance, attirés par les opportunités de notre place financière. Comment voulez-vous que le Luxembourg puisse autrement répondre à l'exigence de la Commission européenne qui veut que l'on puisse devenir entrepreneur en moins d'une semaine, voire trois jours.

2. Prévenir les faillites et faciliter les transmissions d'entreprises

En moyenne européenne, 50% des entreprises échouent avant la 5^{ème} année fatidique de leur existence. Au-delà de ce cap, le Luxembourg est un des pays européens les plus enclins aux faillites d'entreprises matures. Même si les causes sont multiples, il est clair que notre législation en matière de faillite a besoin d'un coup de jeune et devrait disposer de clignotants annonciateurs de difficultés. Le Luxembourg est par ailleurs l'Etat membre de l'Union européenne comptant le plus grand nombre de chefs d'entreprises en fin de carrière. Ces entrepreneurs ont apparemment du mal à trouver des repreneurs. Il faut donc renforcer, d'un côté, les efforts visant à préparer les entrepreneurs chevronnés à la transmission et, de l'autre, sensibiliser les entrepreneurs en herbe aux avantages d'une reprise d'entreprise. Continuer le succès des autres doit être le mot d'ordre si l'on veut maintenir notre tissu entrepreneurial. La Chambre de Commerce a intensifié les mesures d'accompagnement de type « coaching » et « mentoring » et est en train de créer une bourse d'affaires moderne et à vocation grand-régionale. Si l'on veut dynamiser la création et la transmission, il faut réfléchir à leur financement. Pour un petit pays comme le Luxembourg, le maintien d'un arsenal d'instruments en matière d'aides permettant la réalisation d'investissements par les PME n'a rien perdu en importance. A côté d'un bon ciblage qui ne perd pas de vue les effets que l'on souhaite générer, il faut aussi veiller à ce qu'il y ait

une adéquation entre les besoins des entreprises et l'aménagement des instruments mis à leur disposition. Un rôle important revient à la SNCI et notamment à l'instrument des crédits d'équipement en faveur des PME. Un rôle non négligeable revient également aux mutualités de cautionnement, plus particulièrement lorsque les demandes émanent des micro-entreprises. Il faudrait en outre se doter des instruments de capital à risque qui sont indispensables à l'éclosion d'entreprises dans les secteurs de l'économie de la connaissance.

3. Faciliter non seulement l'accès à l'entrepreneuriat, mais également l'exploitation d'une entreprise

Les autorisations de construction et d'installation de nouvelles machines ou de lignes de production se font de façon plus rapide dans les pays qui sont nos concurrents directs. Pourquoi pas leur emboîter le pas ? Les chambres patronales, l'UEL et ses membres critiquent le saucissonnage actuel en matière réglementaire et militent de longue date en faveur d'une réforme en profondeur de la loi commodo-incommodo. Nous souhaitons entre autres une revue en profondeur de la législation des établissements classés. Nous nous réjouissons évidemment des efforts récents consistant à réduire le nombre d'établissements classés de type 1 par un reclassement dans des classes aux procédures moins lourdes. L'exercice est toutefois loin d'être terminé. Nous encourageons donc tous les efforts dans cette direction. Je salue dans ce contexte la volonté du Gouvernement de mettre à disposition des entreprises un guichet unique, comparable à celui en discussion pour le volet urbanisme et environnement dont l'objectif déclaré est la réduction de 50% des délais en matière d'autorisation. Nous regrettons par contre que la loi-cadre transposant la Directive services retienne toujours d'importantes exceptions au principe de l'autorisation tacite, à savoir pour toutes les lois touchant à la protection de l'environnement.

4. Promouvoir la recherche et l'innovation

Toutes les entreprises, et tout particulièrement les PME, dont la concurrence est désormais au moins grand-régionale, doivent innover

pour prospérer, voire survivre. Il convient donc de sensibiliser et d'accompagner, étape par étape, les PME afin qu'elles développent des stratégies d'innovation, notamment en mettant à leur disposition des aides à l'innovation opérationnelles (recherche de nouveaux créneaux, de nouvelles approches commerciales, de nouveaux produits et services, ...). Pour atteindre cet objectif, il est essentiel que la mise en place des aides se fasse de manière simple, non bureaucratique et rapide, en prenant dûment en compte les prémisses de la simplification administrative. Luxinnovation, l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche, est l'interlocuteur privilégié pour les entreprises dans ce contexte. De manière générale, afin de renforcer l'interactivité et la spécialisation des principaux acteurs du secteur public, nous saluons les contrats de performance signés entre les acteurs publics et le Gouvernement, alors qu'ils permettent de clarifier les missions respectives des différents acteurs.

5. Mettre à la disposition des entreprises des terrains pour s'établir et se développer

L'inertie, voire l'immobilisme en matière d'aménagement du territoire est criant. Nous disposons d'excellents instruments, tels les plans directeurs, encore faut-il les mettre en œuvre. « Papier ist geduldig » - mais les acteurs économiques ne le sont plus et vont voir ailleurs. Ceci n'arrange pas les PME qui ont besoin d'espace pour réaliser leurs projets d'extension. Ceci n'arrange pas non plus leurs salariés qui perdent leur temps dans les bouchons et arrivent au travail dans un état de fatigue.

6. Promouvoir l'économie et l'internationalisation des entreprises

Pour une économie de petit espace, largement ouverte sur l'extérieur, il est primordial que les entreprises se développent sur les marchés étrangers pour étendre leur activité. Ce sont surtout les PME qui ont besoin d'une assistance dans leurs démarches d'internationalisation. C'est une des missions de la Chambre de Commerce, en collaboration étroite avec de nombreux partenaires privés et publics. Je me réjouis dans ce contexte de notre bonne collaboration dans les deux Agences de

promotion, à savoir « Luxembourg for Business » et « Luxembourg for Finance ». Après 3 années d'activité de ces deux Agences, il faut féliciter les équipes en charge du travail accompli et faire le bilan sur les objectifs à atteindre, à savoir la mise en relation de nos PME avec des entreprises étrangères et avec de nouveaux marchés.

Altesses Royales, Excellences, Mesdames et Messieurs,

Le chemin est encore long et la route est sinueuse, mais à travers les actions concrètes énumérées ci-dessus, nous œuvrons, comme cela est d'ailleurs prévu dans les missions de la Chambre de Commerce énumérées dans sa nouvelle loi d'octobre 2010, en faveur de la promotion de l'esprit d'entreprise et de l'intérêt économique général.

Implémenter toutes les mesures favorisant la création d'entreprise et les activités de soutien comme le coaching, mentoring, etc. est une chose, inculquer un véritable changement des mentalités au niveau de notre société en est une autre : le patronat luxembourgeois avec l'UEL et les chambres, associations et fédérations professionnelles ne peuvent pas à elles seules provoquer de changement pourtant nécessaire pour l'avenir de notre société tout entière. Les autorités gouvernementales, les syndicats, les enseignants, les parents, la jeunesse, tous les acteurs de notre société doivent être conscients que sans la création de richesse des entreprises, toute notre société est vouée à l'échec.

Le patronat luxembourgeois est en train de changer. Il devient plus ouvert, plus visible, plus solidaire. Nous contribuons à la transformation du Luxembourg pour qu'il devienne plus dynamique, plus présent dans le monde, plus conscient des défis à relever, plus réaliste aussi. Comme par le passé, nous sommes à la disposition des autorités gouvernementales et des partenaires sociaux lorsqu'il s'agit d'avancer, de réformer notre société pour qu'elle puisse maintenir son niveau de vie actuel sans compromettre les chances de développement des générations suivantes et de développer des visions ambitieuses pour notre pays à l'horizon 2020 et au-delà.

Le Luxembourg peut bien-sûr miser sur la chance, avec toutefois le risque d'un réveil dur, ou alors il peut façonner des politiques cohérentes et se renouveler selon

les prémisses du développement durable. « Dieu est-il Luxembourgeois ? » s'interrogeait Norbert von Kunitzki. Je pense que nous ne devons pas miser sur l'intervention divine pour la résolution miraculeuse de nos problèmes structurels. Au contraire, nous devons activement prendre en main notre propre destin, comme chaque entrepreneur est bien obligé de le faire au jour le jour.